

WÉI ET RIWER WAR



Vläicht wëssen zënter e puer Méint e puer Jonker méi, firwat datt d' Stad eng „Avenue du X Septembre“ huet. Mä 't as ze fäerten, datt an zwanzeg Joer mol kee méi freet, firwat se sou heescht; a firwat mer äus der Stad raus, op Arel zou, déi komesch Kilometersteng vun der „Voie de la Libération“ stoen hun. Seguer de Mënsch, deen eppes erlieft huet, vergësst. Déi, déi näischt erlieft hun, bräuche souwisou näischt ze verhalen; mengen se.

An dobäi sin d'Lëtzebuenger Gelungen. 'T war dem Werner Finck schon den 10. Mee '40 opgefall, wéi e mat rageréckt as. A sénge Memoire schreift en, wéi d'Lëtzebuenger mat den Hänn an den Täsche laanscht d'Strooss stoungen an de Bak gehalen hun. Se hun en réischt operappt, wéi d'Gëlle Fra huet missen dru gleewen, an du kruten déi éischt vun hinnen der an der Villa Pauly op d'Schnëss.

'T gouf du rëm mat den Hänn an den Täschen nogekuckt, wéi se d'Jude fortgeschleeft hun, a wéi och Nëtjudden ëmgesiedelt gouwen. D'Regierong war jo fortgelaf.

Mä d'Hänn goufen nees äus den Täsche geholl, wéi de Simchen de Culot hat, „ons Jongen“ an d'preisesch Uniform ze stiechen. 'T as du lues a lues eppes geschitt; d'Resistenz huet sech forméiert; nët an engem eenzege Club, dat versteet ee bei de Lëtzebuenger, mä gläich an e puer.

Haut wësse mer, wéivill Stoppen uechter d'Land waren, an deenen d'Refraktären op d'Enn gewaart hun. Mer wëssen och, wéivill Lëtzebuenger op allméiglechen Emweër an d'franséisch Resistenz oder an d'englesch Arméi koumen. Wat mer nët sou genee wëssen, as d'Zuel vun deenen, déi mat de Preise gehalen hun; op déi eng oder op déi aner Manéier; a wéivill der réischt den Dréi kruten,

wéi et doutsécher war, datt d'Amerikaner kéimen. Du waren d'Resistenzorganisatiounen op eemol bal ze kleng gin.

Plazeweis mussen d'Amerikaner sech geschuddert hun, wéi se gesin hun, wat do mat dësem an deem geschouch. Wéi all Hänn op eemol äus den Täsche waren, fir deem „Säukätt“ hei de Kapp ze schueren, an dee „Fatzbeidel“ do an de Gronn ze schleefen. Déi nei Fräiheet huet do nët laang no Geriichter geruff, an de Simchen, deen natierlech an „d'Reich“ ugedréckt war, an deen der e puer duer siche waren, huet sech gewass am Gronn erhaang, wéi se laang erzielt hun. E gouf op der Musel an engem Wéngert doutgeschlon; sou einfach war dat deemools.

D'Regierong gouf rëm ageflunn an huet sech nach am Fliger gesot: Wann d'Lëtzebuenger lo do stin ze päifen, da fléie mer direkt weider. Mä d'Lëtzebuenger hu „vive“ geruff. Wéi





*Haut wesse
mer, wéivill
Stoppen
uechter d'Land
waren, an
deenen
d'Refraktären
op d'Enn
gewart hun.*

gesot, 't si Gelungener, well no der Libération, wéi am Éisslek a laanscht d'Sauer d'Fatze réischt richtig geflu sin, wollten se géint d'Regierong putschen (huet d'Regierong mol dorëmmer verzielt).

'T war een deemols nach e Schoulbouf, an 't as een dat alles réischt vill méi spéit gewuer gin, oder 't huet een et gelies. An 't huet een sech nach vill méi spéit e Reim op muenches gemaach.

Mir ware vum Oktober '44 un evaküiert. Wat ee gutt verhalen huet, dat war de Goût vum Schokla an där bronger, waasserdichter Verpakong; vun där éischter Bannann, déi en Zaldotekach engem an d'Täsch gestach huet... an den Ubléck vun deem éischten doudegen Amerikaner. E loug e puer Stonne bei der Feldkichen, mir stoung ronderëm. D'Zaldoten hun eis verdriwwen an eng Zeltplan iwer den Doudege gehäit. Mir hu scho bal nêt méi un „doheem“ geduecht; mir hun „MP gespillt“, d'Léierin hat eis déi zwéi Bustawe mat Kräid op de „lichten“ Helm gemoolt; där louche jo genuch dorëmmer.

„Doheem“ louchen d'Amerikaner. Wéi et Abréll '45 gouf, a mir no sechs Méint gesot

kruten, mer kënnten nees zréck, as mäi Papp mol fir d'éischt mam Velo kucke gefuer. E koum rëm a sot: d'Kaz as nach do; se huet Jonger, d'Amerikaner fiddere se. Mä soss hun s'alles d'enescht an d'iewesch gekéiert; d'Wäschmaschin läit beim Noper am Gaart, an d'Uewepäif hun s'einfach zur Stuwweffenster räus gekéiert.

Doheem war schon de Sprengkommando gegrënd an d'Leit sin iwer de Flouer gelaf, fir d'amerikanesch Granathülsen ze sammelen; déi waren äus Messeng, de Preisen hir waren nëmmen äus Stol. Mir Bouwen hu Munitioung gesammelt; vun de Gewierkugelen bis zu den Zündere fir d'Tellerminen. An enges Daags huet et gekraacht. Ech sin dräi Meter duurch d'Luucht an d'Schwéngspierch geflunn, d'Fensteren an der ganzer Noperschaft waren a Schierbelen, a mäi rietsen Daum war zerfatzt. Vir op der Velosstaang as mäi Papp mat mer bei den Dokter gefuer. Nach haut verstoppen ech den Daum, wann ech mengen, 't géif een drop kucken

josy braun

